ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Kopie un d'Presidente vun der COMEXBU, der COFIBU an der Wirtschaftskommissioun
Madamm Diane Adehm, Här André Bauler an Här Claude Haagen

Här President,

an hirer Sëtzung vum 11. Januar 2021 krut d'„Commission de l'Exécution budgétaire" e Spezialrapport vun der „Cour des Comptes" iwwert de Verkaf vu Staatsterrainen an den ekonomeschen Aktivitéitszone presentéiert. An deem Rapport ginn eng Rei vu Feststellunge getraff, déi besonnesch déi Häre Wirtschafts- a Finanzminister betreffen an zu deene si, eiser Meenung no, sollte Stellung huelen. Et géing och drëm goen, fir Conclusioune fir d'Zukunft ze zéien.

De parlamentaresche Grupp vun der ADR proposéiert dowéinst, datt déi Häre Ministere Gramegna a Fayot an d'COMEXBU invitéiert ginn, fir bei enger Diskussioun vum Rapport all néideg Erklärunge kënnen ze ginn. Et kéint een och eng gemeinsam Sëtzung vun der COMEXBU mat der Wirtschafts- a mat der Finanzkommissioun fir den Zweck envisagéieren.

Wéinst deem ganz chargéierte Programm vun der Chamber am Januar, kéint een déi Sëtzung fir de Mount Februar plangen.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742